N°4385
Entrée le 03.07.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 06.07.2026
Chambre des Députés

LSAP

Här Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 3. Juli 2026

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Inneminister weiderzeleeden.

All Joer stellen d'Gemengen en „état des restants" op, an deem ënner anerem Rechnungen, Taxen oder aner kommunal Fuerderungen opgeléscht ginn, déi un d'Biergerinnen a Bierger adresséiert goufen, mee bis dohinner net bezuelt goufen.

An deem Kontext géinge mir dem Här Minister follgend Froe stellen:

- Wéi héich ass den totale Montant vum „état des restants" vun de Gemengen op nationalem Plang?
- Wéi huet dëse Montant sech an de leschte Joren entwéckelt?
- Ginn et däitlech Ënnerscheeder tëscht de Gemengen oder Regioune vum Land?
- Huet d'Regierung Informatiounen iwwert d'Grënn, firwat dës Montanten net bezuelt goufen?
- Wéi héich sinn d'Käschte fir d'Andreiwe vun dëse Montanten, notamment fir Rappeller, Huissierskäschten oder juristesch Prozeduren?

Mat déiwem Respekt

Ben Streff
Deputéierten

Dan Biancalana
Deputéierten

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu